

AVIS VUN DER SCHÜLERKONFERENZ (CNEL) IWWERT D'REFORM VUM ENSEIGNEMENT SECONDAIRE GENERAL

Nodeems d'lescht Joer d'Lycéesreform fir den Enseignement Secondaire Classique (ESC) den 29. August 2017 an der Chamber gestëmmt gouf, stoung dëst Joer d'Reform fir den Enseignement Secondaire General (ESG) um Programm.

D'CNEL, als national Plattform, déi aus gewielte Verrieder aus de Schülercomitéë vun den 41 lëtzebuergesche Lycéeën (ESC an ESG) besteet, huet sech eemol méi zu dësem Thema geäussert!

D'lescht Joer schonn huet d'CNEL bedauert, datt d'Reform am ESG net gläichzäiteg mat der Reform am ESC stattfanne konnt, notamment wat den Oflaf vum Premièresexamen ugeet, wou d'Schüler aus dem ESC schonn dëst Joer vun der Reform profitéiere konnten.

Nodeems d'Verieder vun de Schülercomitéë sech dëst Joer intensiv mat der Reform am ESG beschäftegt hunn, huet d'CNEL a senger Sëtzung vum 14. Juni dësen Avis ugeholl.

1) Déi nei Sektioonen

Direkt 3 nei Sektioone sollen ab dem Schouljoer 2018/19 an d'Liewe geruff ginn! Et handelt sech ëm d'Sektiooun "gestion de l'hospitalité (GGH)", d'Sektiooun "sciences environnementales (GSE)" an ëm d'Sektiooun "architecture, design et développement durable (GA3D)".

Obwuel mir als CNEL d'Schafe vun dësen neie Sektioonen am ESG begréissen, hu mir Schwierigkeiten, d'Kohärenz vun der Aféierung vun dësen neie Sektioonen an de schoulesche Programmer ze verstoen. D'Sektiooun GGH soll am nächste Schouljoer direkt op 4^e an op 2^e ugebuede ginn. Anescht ass et bei der Sektiooun GA3D, déi soll et d'nächst Joer just op 4^e ginn.

➔ Mir géingen dofir fuerderen, datt dës Sektiooun och fir d'2e ugebuede gëtt (genee esou wéi bei der Sektiooun „gestion hospitalité“).

E puer vun dësen neie Sektioone ginn nëmmen op enger Plaz am Land ugebueden. Dëst ass éischter onpraktesch fir d'Schüler, déi sech mam ëffentlechen oder mam Schoultransport musse fortbeweegen.

Dofir fuerdert d'CNEL:

→ Falls Demande do ass, sollten dës nei Sektioonen am Beschten op 3 geographesch Standpunkten proposéiert ginn, dovun eng am Osten, esou datt d'Zäit vum Transport esou geréng wéi méiglech ass.

Grad elo, wou nach méi Sektioonen ugebuede solle ginn, ass d'Orientatioun e ganz wichtege Punkt. Sait längerem ass et bekannt, datt d'Orientatioun am Lycée net ideal ass.

Mir bedauern, datt et dëst Joer keng richtig Orientatioun gouf, fir d'Schüler iwwer dës nei Sektioonen ze informéieren, dofir:

- fuerdert d'CNEL, datt dëst ab dem nächste Schouljoer systematesch gemaach gëtt.
- Eng weider Iddi wier et, wéi am ESC Tuteuren ze ernennen, déi da mam jeeweilege Schüler zesumme kuckt, wéi Choix am Beschten fir hie wier.

2) Premièresexamen an nei Nimm vun de Klassen

Am Verglach mat eisen Nopeschlänner, war Lëtzebuerg ëmmer dat Land, wat am meeschten Examen huet misse schreiwen. Dëst huet dozou bäigedroen, datt eis Schüler ëmmer méi gestresst waren, an dowéinst net hir bescht Leeschtung un den Dag leeë konnten. Dës nei Examensreform, déi schonn d'lescht Joer am ESC ëngesat ginn ass, géif de Schüler aus dem ESG d'Méiglechkeet ginn, sech méi op hir individuell Fächer ze konzentréieren, wat natierlech e positiven Afloss op hir Punkten hätt.

D'Schüler vun der 2e ESG informéieren

Doduerch, datt dës nei „1ère-Reform“ all Schüler betrëfft, deen am Joer 2017/2018 eng 2e am „Enseignement Secondaire Général (ESG)“ frequentéiert huet, leet d'CNEL grouse Wäert dorop, dës Schüler sou séier wéi méiglech iwwer déi nei Première ze informéieren, a besteet dorop, datt all noutwendeg Informatiounen, déi dës Wiessel mat sech bréngen, (z.B. Examensfächer, Sproochewiel etc.) dem Schüler virum Schluss vum Schouljoer 2017/2018 solle matgedeelt ginn.

- Dofir fuerdert d'CNEL de Minister Meisch op, nach eng Kéier eng 'Infotour' ze realiséieren. Genausou wéi d'lescht Joer am ESC, soll de Ministère bei all Zemen aus dem Enseignement Secondaire Général laanschkommen an hinnen erklären, wat sech genau bei dem néien Premièresexame geännert huet, a wat op si duerkënnt.

D'CNEL huet dës Demande och scho gestallt, mee leider bis elo nach keng Äntwert vum Ministère senger Säit kritt, mee mir hoffen natierlech op eng gutt Kollaboratioun an op eng fair Behandlung.

D'Wiel vun de schrëftlechen / mëndlechen Examen

Wéi een am Moment am ESC ka feststellen, muss ee seng Examensfächer um Schluss vum 1. Semester auswien. Et kann dann och virkommen, ofhängeg vum individuelle Lycée, datt ee seng Examensfächer wiewe muss, éier een iwwerhaupt seng éischt Zensur zréckkrut. Dat huet dëst Joer am Kader vum néien Premièresexame am ESC zu Komplikatiounen gefouert.

- ➔ Dofir fuerdert d'CNEL d' Aféierung vun 2 Deadlinë fir de Choix vun den Examensfächer:
 1. fir de Choix vun de Sproochfächer: wier d'Deadline, wéi bis ewell, den éischten Dag am 2. Semester;
 2. fir de Choix vun de schrëftlechen Examen géif d'CNEL d'Deadline vum éischten Dag no der Ouschervakanz proposéieren.

Dës Deadlinë sollen esouwuel fir d'Schüler vum ESG wéi och vum ESC gëllen, a géifen hinnen dann erlaben, e Choix ze treffen, deen op hirem „aktuelle Punkte-Stand“ géif baséieren.

Duebelverbesserung während dem Schouljoer

Fir dass d'Schüler an all Lycée d'selwecht behandelt ginn, proposéiert d'CNEL

- ➔ D'Méiglechkeet vun enger duebeler Verbesserung, op Nofro vum Schüler.

Verbesserung am Examen:

- ➔ D'CNEL besteet nach ëmmer op eng 3-fach Korrektioun vun den Examen, fir datt e gerecht Resultat assuréiert ass, ausserdeem
- ➔ weist d'CNEL och dorop hin, datt d'Examen anonym geschriwwe solle ginn, an ënnersträicht, datt ee sech offiziell, esou wéi inoffiziell, un dës Anonymitéit hale soll.

Nei Nimm fir den ESG

Am ESG solle fir dat nächst Schouljoer 2018/19 néi Nimm fir d'Klassen agefouert ginn. Déi einzel Klasse wéi z.B. eng 9ième, soll dann eng 5ième sinn, esou wéi schon ëmmer am ESC. Mee déi einzel Sektionen am ESG sollen och néi Nimm kréien. De Sënn hannert dësen Ännerungen soll en Ausschlësse vun enger méiglecher Diskriminatioun sinn.

Mir, d'CNEL, wëssen zwar, datt déi mannste Schüler aus dem ESG sech wéinst de Nimm vun hire Sektoune/Klassen diskriminéiert gefillt hunn, mee mir fannen et awer och positiv, wann eng Diskriminéierung endgültig ausgeschloss ka ginn.

Déi nei Nimm vun de Sektoune, fanne mir, sinn awer ganz nätzlech, zemools, well si se esou, duerch déi nei Sektoune, besser vuneneen ze differenzéiere sinn.

3) Cours de base a cours avancé

Datt eise Schoulsystem zweesproocheg ass, huet seng Vir- an Nodeeler! Op där enger Säit hu mir d'Chance, vill Sproochen an der Schoul ze léieren, mee op der anerer Säit, wa mir Schwierigkeete mat de Sproochen hunn, kann dëst eis schoulesch Leeschtung aschränken. Dofir proposéiert dës Reform e System, wou d'Schüler sech tëschent zwee Schwierigkeetsgraden an de Sproochen entscheede kënnen, den Niveau de base oder den Niveau avancé.

Obwuel mir net géint dëse System (base an avancé) sinn, musse mir drop hiweisen, datt dëst net kann eng laangfristeg Léisung sinn, fir d'Schüler bei hire Sproochschwierigkeeten ze ënnerstëtzen. Mir dierfen net vergiessen, datt mir an engem méisproocheg Land liewen, wou d'Sproochekenntnisser eng wichteg Roll spillen, fir spéider eng Aarbecht ze fannen.

Eng Gefor, déi d'CNEL erkennt, ass nämlech, datt d'Schüler hir stäerkste Sprooch fuerderen, an et hinne soumat méi liicht gemaach gëtt, mee si awer net genuch un hire Schwächte schaffe mussen.

➔ Dofir fuerdere mir, datt d'Schüler am Niveau de base genuch gefuerdert an ënnerstëtzt ginn, fir datt si hir schwach Sprooch kënnen verbessern.

Fir d'CNEL ass et fir d'CNEL wichteg, datt all Schüler, ob am ESC oder am ESG, déiselwecht Chance soll kréien, duerch seng Schoul ze goen, a mir sinn dofir en Faveur vun dëser Gesetzesännerung.